

„Regina primae noctis“

Vum ganze Stadpark gefällt d’Kinnekswiss him nach ëmmer am beschten. Bal d’ganzt Joer duurch kann hien hei op enger Bänk sëtzen an engem oder e puer Gärtner nokucken, wéi se him d’Tulpen, d’Penséen, d’Geranien, d’Begonien, d’Petunien an d’Rouse setzen.

Am Ufank as en alt mol bis an de Reckendall bei deenen hir Gärtneri getrëppelt, fir ze kucken, fir wéini et da wir, mat de Geranien oder Begonien. Hien huet dat awer well laang nët méi néideg. Wéi hie bis ugefaangen hat, sech opzeschreiwen, wéini se wat géife planzen, du woust hie geschwënn, datt dat alles klappt wéi eng Auer: bal op den Dag am Kalenner sin se do, mat dësen oder mat deene Blummen. Sou seriéis as nach laang nët all Gemengeservice!

Déi äus der Stadgärtneri kennen hien. Si wësse just nët, wéi hien heescht, an dofir nennen se hien „Meeschter“. „Wéi as et, Meeschter?“, „t gët nees gutt haut, Meeschter, wéi?“ Oder se froen hien, wann en iwwerem Nokucken an der Zeitung bliedert: „Wat gët et dann Neits, Meeschter?“

Hien äntwert hinnen ëmmer frëndlech, mä am Fong as hien nët vum ville Schwätzen. Säi Papp hat him schon agetriichtert: „Wie vill schwätzt, seet och vill Dommheeten!“ An dat muss nët sin. t kënt een sech um Enn verflappen.

D’Kinnekswiss as wiirlech eng sympathesch Plaz. Mäi Gott, nët wéinst de Kanner, déi hei alt mol Fänkches spillen; och nët wéinst de Këppelcher, déi am léifsten hun, wann d’Gras zimlech héich steet. Mä ganz einfach dofir, well et vun der Kinnekswiss, ënnert dem Boulevard erduurch bis op de Glacis, héchstens zweehonnert Meter sin. Um Glacis fënnt hien ëmmer eng gratis Parkplaz fir séng al 2CV-Camionnettchen; mueres em véier Auer schon doutsécher. Och wann hien der scho bal siwenzeg um Bockel huet, zwou Blummekëschte packt hie mat Liichtgeket an enger Kéier. Beim zweete Gank hält hie souwisou nëmme eng, well e muss dann den Heel mat hannescht an den Auto huelen.

Deen Dag duerno as ëmmer am schéinsten. Éischtens huet hie fest Konne fir séng Blummen, a scho géint Mëtteg huet hien säin Täschegeld fir de ganze Mount. Zweetens wëssen s’an der Stadgärtneri spéitstens bis mëttes, datt op der Kinnekswiss nees geklaut gouf. „t sin alt nees Blumme geklaut gin!“, rífft de Chefgärtner him da schon entgéint, hie sëtzt mol nach nët zerguttstert op sénger Bänk. Hien huet ëmmer e ganzt Sortiment vun Äntwerte prett. Entweder: „Wat as dat haut fir eng Welt!“ oder „t as dach nët méiglech! Dir hut se dach gëschter réischt geplantz!“ oder och nach „t gët wiirlech ëmmer méi Spëtzbouwen am Park an ëmmer manner Kontroll!“

„Nët nëmme hei!“, huet de Chefgärtner mol geäntwert, mä de Meeschter woust nët, ob dat op déi vill Spëtzbouwen oder op déi schappeg Kontroll gemënt war.

De Meeschter hätt séng Blumme vun der Kinnekswiss bestëmmt nach laang kënnen verkafen, wann de Chefgärtner nët zoufällig e speziellen Zäitverdreif – oder besser gesot – wann hien nët viru laange Joren eng grouss an onglécklech Léift gehat hätt. D’Meedchen huet „Gina“ geheescht, an t war enges Daags verschwonnen; kuurz no deem Dag, no deem schéine waarmen Owend op der Kinnekswiss, wou hatt an säi Stadgärtner ënnert där uraler décker Bluttbich d’Stäre gesinn a gezielt hun. t gouf gesot, d’Famill hätt hatt an Italie bei Famill geschéckt. Jiddefalls huet et ni méi eppes vun sech héiere gelooss.

An zënterhier, dat si lo genee fofzég Joer, huet hie probéiert, fir Rousen ze kräizen; fir eng Rous ze züchten, där hir Faarf tëschent schwaarz, brong an olivegréng léich; déi also genee d’Faarf vum Gina séngen Aen hätt.

Enges Daags steet de „Meeschter“ virun de Rouse vun der Kinnekswiss an as eng Grëtz duurcherneen. Bis lo haten d’Gärtner ni Schëltercher bei hir Rouse gestach, wou de Rousen hiren Numm drop stéing. Da géife jo déi Rouse mat deenen dichtegsten Nimm als alleréischt geklaut gin! Sou domm sin d’Gärtner och nët. Mä lo steet sou e Schëldchen do; bei enger eenzeger Rous; eng Rous mat enger Faarf, wéi de Meeschter nach ni eng gesinn hat. As dat do olivegréng oder brong oder schwaarz? Mam Numm kann hien näischt ufänken. „Regina primae noctis“, wat heescht dat? Wie ka scho Latäin? A firwat nëmme eng eenzeger Rous vun där Zort?

Hien huet ëmmer e Schwäizer Täschemesser an der Paltongstäsch. A genee iwwert deem éischte Rousendar këmpt hien d’Regina a stécht sech s’an dat lénkst Knäpplach. Hie weess nët genee, firwat en dat mécht, mä déi Rous as iirgendwéi apaart. A mat enger eenzeger vun där Zort kann ee souwisou näischt ufänken. Mat der Rous am Knäpplach trëppelt hien duurch den ieweschte Park. Een eenzege Mënsch kënt him entgéint.

*

Eng hallef Stonn duerno huet d’Police de Chefgärtner scho matgeholl. Leit am Park haten hie festgehalten, bis d’Police koum. D’Leit haten hie fir d’éischt vun engem ale Mann wechgeholl, dee lo mat enger bluddeger Nues am Gras nieft där décker Bluttbich ze jéimere sëtzt.

„Méng Rous!“, soll de Chefgärtner all Kéier gejäut hun, wann en deem ale Mann eng getéckt huet. D’Police huet dat misse gleewen, well nach am Auto fir op de Policebüro huet de Chefgärtner „méng Rous“ gegrommelt. Déi zwou Police soten näischt. Si hun allebéid de Chefgärtner kann, hun d’Welt nët méi verstanen an duechte jiddweree fir sech: t kann een dach nët, ganz einfach vun haut op muer, eng Schrauf lass hun!

josy braun





Guy Hoffmann